



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/01/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Vum éischte Januar 2019 un, ass d'Urgence vum CHEM Nidderkuer tëscht 21 Auer a 7 Auer zou. Während dëser Zäit iwwerhëlt de CHEM Esch-Uelzecht d'Noutfäll. Laut dem Artikel 4 vum Spidolsgesetz vum 8. März 2018, ass de Service vun enger Urgence ee vun am Ganzen 19 « services de base » déi all Spidol der Patientin oder dem Patient muss kënnen ubidden. Den Artikel 4 vum Spidolsgesetz präziséiert awer : « Un centre hospitalier peut être exploité sur un ou plusieurs sites. (...) Chaque centre hospitalier dispose au maximum de trois sites hospitaliers et participe au service d'urgence sur un seul de ses sites. » Ee Centre hospitalier géif der Patientin oder dem Patient demno, vum éischte Januar 2019 un, just nach op engem vu senge Siten eng Urgence ubidden. De Koalitiounsaccord 2018-2023 gesäit dogéint folgendes fir : « Le fonctionnement des sites secondaires, situés en-dehors des sites principaux des urgences hospitalières, sera maintenu (Wiltz, Niederkorn, Dudelange et Zithaklinik). »

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Här Minister Schneider, kéint Dir d'Diskrepanz tëscht dem aktuelle Spidolsgesetz an dem Koalitiounsaccord am Detail explizéieren?
- Dem Koalitiounsaccord no wäert d'Urgence vum CHEM Nidderkuer och an Zukunft kënne bäibehale ginn. Här Minister, kënnt Dir dat confirméieren?
- Här Minister, d'Urgence am CHEM Nidderkuer heescht, dem Generaldirekter vum CHEM, Dr. Hansjörg Reimerd no, elo « Passage en policlinique non-programmé ». Wat ännert sech doduerch a wat heescht dat fir d'Patientinnen a Patienten?
- D'zäitweis Zoumaache vun der Urgence am CHEM Nidderkuer bedeit fir eng jett Patientinnen a Patienten aus dem Süden (i.e. Rodange) eng nennenswäert Verschlechterung vun hirer Liewensqualität. Här Minister, wat sinn d'Grënn fir dës Ferneture?
- Fir d'Piratepartei geet d'Wuel vun der Patientin a vum Patient vir, dofir, Här Minister, géif ech lech froe wéi eng Schrëtt Dir konkret wäert ënnerhuelen, fir de Biergerinnen a Bierger queesch duerch de Grand-Duché eng accessibel a qualitativ Gesondheetsversuergung unzebidden? Här Minister, bedeite manner vollzäit Urgencen an de Spideeler net automatesch och méi laang Distanzen a soumat méi Zäitverloscht fir Patientinnen a Patienten an enger Noutsituatioun ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député

[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

#lëtzebuerg2018



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/01/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Vum éischte Januar 2019 un, ass d'Urgence vum CHEM Nidderkuer tëscht 21 Auer a 7 Auer zou. Während dëser Zäit iwwerhëlt de CHEM Esch-Uelzecht d'Noutfäll. Laut dem Artikel 4 vum Spidolsgesetz vum 8. März 2018, ass de Service vun enger Urgence ee vun am Ganzen 19 « services de base » déi all Spidol der Patientin oder dem Patient muss kënnen ubidden. Den Artikel 4 vum Spidolsgesetz präziséiert awer : « Un centre hospitalier peut être exploité sur un ou plusieurs sites. (...) Chaque centre hospitalier dispose au maximum de trois sites hospitaliers et participe au service d'urgence sur un seul de ses sites. » Ee Centre hospitalier géif der Patientin oder dem Patient demno, vum éischte Januar 2019 un, just nach op engem vu senge Siten eng Urgence ubidden. De Koalitiounsaccord 2018-2023 gesäit dogéint folgendes fir : « Le fonctionnement des sites secondaires, situés en-dehors des sites principaux des urgences hospitalières, sera maintenu (Wiltz, Niederkorn, Dudelange et Zithaklinik). »

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Här Minister Schneider, kéint Dir d'Diskrepanz tëscht dem aktuelle Spidolsgesetz an dem Koalitiounsaccord am Detail explizéieren?
- Dem Koalitiounsaccord no wäert d'Urgence vum CHEM Nidderkuer och an Zukunft kënne bäibehale ginn. Här Minister, kënnt Dir dat confirméieren?
- Här Minister, d'Urgence am CHEM Nidderkuer heescht, dem Generaldirekter vum CHEM, Dr. Hansjörg Reimerd no, elo « Passage en policlinique non-programmé ». Wat ännert sech doduerch a wat heescht dat fir d'Patientinnen a Patienten?
- D'zäitweis Zoumaache vun der Urgence am CHEM Nidderkuer bedeit fir eng jett Patientinnen a Patienten aus dem Süden (i.e. Rodange) eng nennenswäert Verschlechterung vun hirer Liewensqualität. Här Minister, wat sinn d'Grënn fir dës Ferneture?
- Fir d'Piraterpartei geet d'Wuel vun der Patientin a vum Patient vir, dofir, Här Minister, géif ech lech froe wéi eng Schrëtt Dir konkret wäert ënnerhuelen, fir de Biergerinnen a Bierger queesch duerch de Grand-Duché eng accessibel a qualitativ Gesondheetsversuergung unzebidden? Här Minister, bedeite manner vollzäit Urgencen an de Spideeler net automatesch och méi laang Distanzen a soumat méi Zäitverloscht fir Patientinnen a Patienten an enger Noutsituatioun ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député

[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

#lëtzebuerg2018